piraten.lu

N°3454
Entrée le 13.01.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.01.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Zu Dippech gouf am Dezember 2025 eng Gemengerotssitzung kuerzfristeg vum Schäfferot ofgesot. Den Artikel 12 vum Gemengegesetz gesäit vir, dass de Gemengerot vum Schäfferot aberuff gëtt, wat den Inneminister an der Äntwert op meng virëg parlamentaresch Fro n°3357 bestätegt. Wat Ännerungen vum Ordre du Jour betrëfft, deen de Schäfferot determinéiert huet, esou präziséiert de Minister a senger Äntwert unhand vum Artikel 13, dass dësen u fix ass, bis de Moment, wou de President vum Gemengerot d’Sëtzung opgeméch an de Gemengerot selwer d’Maîtrise iwwert d’Sëtzung an den Ordre du jour huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Gouf d'Gemengerotsitzung zu Dippech am Dezember 2025 duerch ee formelle Beschloss vum Schäfferot annuléiert? Wann jo, leit dem Inneministère och ee Rapport aus dëser Schäfferotssitzung vir?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés